



ëmmer méi Leit sech an däitschsproocheg Länner wellen orientéieren, fir ze studéieren. An och, ob et richteg ass, datt déi méi technesch Fächer, well och eng Rei vun deene grandes Écoles jo awer op méi technesch Fächer virbereeden,... (veuillez lire: manner gewielt ginn), an ob net och eng méi allgemeng Tendenz besteet fir éischter sozioedukativ Beruffer oder anerer, déi méi am Humanwëssenschaftleche leien.

Ech mengen, eng niddreg Zuel vu Kandidaten géif sech natierlech och zum Deel duerch eng sproochlech Tendenz respektiv eng Tendenz, déi mat der Natur vun de Studien zesummenhängt, erklären; da kann een dat besser verstoen.

An dann ass natierlech eng zweet Fro. Wann esou weéne Leit an engem Lycée Kandidat sinn, da wäert dat vläicht an anere Lycéeën äänlech sinn. An d'Fro stellt sech dann awer, ob een dee Cours, dee sënnavoll ass, net soll zentraliséieren, zum Beispill op der Uni, an da vläicht do déi awer beschränkten Zuel vu Leit mat där néideger Zuel vun Enseignanté soll betreien. Et ass also och eng Fro vun der Effizienz a vun enger gewëssener Kontroll vun de Käschten.

Dat relativt Ofhuele vum Franséische kann eventuell och kompenséiert ginn, ech hoffen et weinstens emol, duerch vläicht eng Verbesserung vun den Engleschkennntnisser. A mir hunn am angelsächsesche Raum och eng Rei vun Universitëten, déi esou Tester maachen. An dofir ass natierlech d'Fro, wann een also higeet an et hält een d'Schüler zesummen, fir se op grandes Écoles oder extra Elitteuniversitéite virzubereeden, ob mer dat wierklech sollen op de franséischsproochege Raum beschränken oder net och op aner sproochlech Raim ausweiten.

Dann ass d'Fro - mir schafe jo hei en neie Studentestatus an deem Sënn: Wéi ginn déi Jonk behandelt? Si se nach éligibel fir d'Kannergeld an der Suite vum Lycée? Oder komme se awer och schonn an deem do System an de Genoss vu Bourse respektiv vu Studentenhëllefen? Och dat, mengen ech, muss elo gekläert ginn, well mir schafe jo hei en Amendement an eiser Legislatioun iwwert den Enseignement supérieur.

Da schafe mer och en neien nationalen Diplom. A wien en neien nationalen Diplom schaaft, muss sech natierlech och d'Fro stellen, wéi deen Diplom dann an eiem nationale System unerkannt gëtt. Wat heescht en an der Fonction publique? Wat heescht en op der Universitéit Lëtzebuerg mat deenen ECTS-Punkten a wat kann do a wéi engem Bachelor-Studiéiergank eventuell direkt unerkannt ginn?

D'Initiativ ënnerstëtze mer also. Mir wieren awer och derfir, datt mer kucken, fir dee ganzen Effort méiglechst rational ze gestalten, a mir stellen eis eben och eng Rei Froen, op déi mer haut kënnen eng Äntwert kréien; dat hoffe mer. Mä op jidde Fall wäerte mir als ADR och des Initiativ ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An de leschte Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, mir wäerten dee Projet de loi och ënnerstëtzen. Ech mengen, déi exzellente Reputatioun vun de grandes Écoles a Frankräich, déi kënnt och net esou vum Himmel gefall. Wat ganz wichteg ass, dat ass jo och deen éffentleche Charakter, deen déi Schoulen hunn, d'Polytechnique, d'École des mines och, déi deelweis déi beschten Ingenieuren oder Wëssenschaftler vun der Welt weltwäit forméieren, déi da leider oft och opkaaft gi vu Länner, zum Beispill an den USA, wou de Charakter méi privat ass an u sech d'Formatioun vläicht net onbedéngt esou gutt ass.

Et muss een och soen, et muss ee relativéieren, och wann déi grandes Écoles public sinn, hu se awer trotzdeem nach ëmmer weiderhin e gewëssene Charakter vu sozialer Reproduktioun, awer eendeitig manner wéi déi Schoulen am angelsächsesche Raum, deen och nach eng Diskriminatioun aféiert opgrond direkt vun de Finanzen. Dat ass en Ënnerschied.

An duerno kann ee vläicht och, mengen ech, och wa gewësse Grande-écolle wierklech exzellente sinn, wéi d'Polytechnique justement, wéi d'École des mines an esou weider, duerno kann ee relativéieren. A Frankräich gëtt jo och driwwer diskutéiert, awéifern d'ÉNA wierklech och nach esou eng Exzellenz produzéiert - oder éischter formatéiert wéi forméiert. Dat kéint

een och vun HEC soen am méi ekonomesche Volet. Mä bon, dat ass eben eng Fro, déi Frankräich misst klären, net mir.

An natierlech, déi Leit hei zu Lëtzebuerg, déi wëilten déi Formatiounen maachen, déi net einfach sinn, déi sollen och déi deementsprechend Ënnerstëtzung kréien.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den delegéierten Héichschoulminister, den Här Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wieder an och e puer Äntwerten zu deem, wat elo vläicht als Froen opgeworf ginn ass.

Ech wëll als Éischt natierlech och dem Rapporteur Merci soen, dem Här Delles, fir säi Rapport. Et kann ee soen, dass elo ganz vill just iwwert déi grandes Écoles hei geschwat ginn ass, an déi Classes préparatoires, dat ass awer just een Deel vun dem Gesetz. Ech mengen, et sinn aner relativ wichteg Changementer dran, déi guer net ernimmt gi sinn.

Dat heescht, dass mer och elo eng korrekt Basis kréien, fir verschidden Indemnitéiten ze bezuelen. Ech mengen, dat ass och ëmmer eppes, wat bis elo op wackelege Bee stoung, an dem Kontext vun de BTSen, an dat gëtt heimmadder och richteg gesat. Dat ass op deser Plaz elo net esou vill thematiséiert ginn, mä dat ass awer och net onwichtig.

Dann awer ee Wuert och zu deem neie Volet, wat d'Accréditiounen ugeet, well dat awer och e Qualitéitssprong ass. An dat wëll ech awer och hei eng Kéier ernimmen. Et ass, mengen ech, vun der Madamm Hansen ernimmt ginn, dass dat eben och wichteg ass fir eisen Héichschoulberäich, well ëmmer méi Akteuren op deem Marché, kann ee scho bal soen, drécken aus dem Ausland. Do si ganz vill privat Initiativen, déi kommen. An do muss een natierlech genee oppassen, dass dat och dee richteg Wee geet, an dass deen Niveau, deen dann och hei am Land eventuell ugebuede gëtt, mat Diplomer, dass dat och en anstännegen Niveau ass.

Dat ass eppes, wat vläicht déi Kommissioun net méi esou kënnt hikeréien, ënnert den aktuelle Konditiounen. Dat huet eng Zäitche laang funktionnéiert. Mä ech mengen, dat ass dee richteg Choix, fir an déi dote Richtung ze goen. An dofir bréngt dat eis och do weider.

Et kann ee vläicht e Wuert awer och soen, vläicht als Informatioun derzou, well Der dat elo net ernimmt hutt, wéi d'Héichschoullandschaft do ausgesäit iwwerhaupt, wivill mer der am Moment am Land hunn.

Mir hu véier international Institutiounen, déi no de Bestëmmunge vun dem Gesetz vun 2009 akkreditéiert sinn. Dat sinn haaptsächlech déi Instituter, déi zu Wolz sinn: Dat ass de BBI, den UBI, dann hu mer nach hei zu Lëtzebuerg d'Eufom, déi och amgaangen ass, sech zrëckzeziehen an déi dann iwwerholl wäert ginn, an dann natierlech och d'Healex, déi elo d'Lunex am Fong ass, déi am Beräich vun der Physiotherapie hei zu Déifferdeng am Land aktiv sinn.

Et kann ee soen, dass vill där Demanden ufänken, op informell Aart a Weis hei u Lëtzebuerg erugedroen ze ginn, an dass mer eben do mussen oppassen, dass mer net op eemol e schlechte Ruff kréien. An dofir ass dat doten eppes, wat wichteg ass, och an deem heite Kontext.

Déi meescht Froen, déi koumen, awer elo vun den Deputéierte ronderëm déi École préparatoire. Do kann een natierlech soen, dass net ganz vill Schüler an deene Classes préparatoires sinn. Dat ass och richteg. Dat ass e Pilotprojet, deen ass deemools ugefaange ginn. A wa mer ëmmer, an dat kann een awer kloer soen, ënner zéng leien, dann ass dat net, dass dat schonn eng Masse critique ass, fir dat einfach esou goen ze loossen. An do ginn ech och dem Deputéierten Adam recht, dass mer dat am A solle behalen.

Ee vun de Punkten awer ass - an ech mengen, et ass och e Gesetz, wat jo och vun där aler Regierung agereecht ginn ass, déi dat doten also och erkannt huet, fir dat op méi fest Feëss ze setzen -, ee vun de Punkten ass awer, dass et bis elo e Pilotprojet war, an dass et och keen Diplom am Fong gouf fir déi zwee éischt Joren. An dat gëtt natierlech hei och domadder reglementéiert.

Dat huet och vläicht deen een oder anere vun de Studenten e bëssen onsécher gemaach a skeptesch, wann en et net géif packen, wat da mat him géif geschéien, well nun emol déi zwee Joer dann net iwwerall akzeptéiert gi sinn, soudass dat e bëssen onsécher war.

Dat ass awer en neie Facteur, dass mer natierlech och elo en Diplom mat derbäisetzen. An ech mengen, dat wäert awer och dozou déngen, dass een dat ka besser promouvéieren, e bësse méi Sécherheet deene Studente ginn. An do mussen Efforte gemaach ginn natierlech vun der Kommunikatioun. Mä mat deenen doten neien Elementer kann een dat fäerdegréngen.

An ech stëmmen Iech awer och hei zou, dass mer dat am A solle behalen an deenen nächste Joren, fir ze kucken, ob d'Zuelen dann elo evoluéieren, wa mer dat heiten op méi fest legal Feëss setzen.

Fir déi nächst Rentrée ass dat schwiereg, d'Deputéierte Burton hat dat gefrot, well mer natierlech elo kuerz do virdru sinn. Mä ech mengen, d'Efforte solle sech konzentréieren op dat Joer duerno.

D'Fro vum Här Kartheiser war, ob dat elo net soll zentraliséiert ginn. Also ech mengen, bei deenen doten Zuele wäerten elo net Honnerte Schoulen oder Lycéeën an d'Luucht sprangen, fir dat doten ze maachen. Ech ginn dovun aus, dass lechnach och déi wäerte sinn, déi dat weiderhi konzentréiert wäerte maachen, well soss den Effort fir deen een oder deen anere Lycée awer ze vill héich wär.

Dir hutt d'Fro gestallt, Här Kartheiser, wat d'Zuelen ugeet vu Frankräich oder Däitschland. Do kann ech Iech awer soen, dass nach ëmmer méi Studenten an déi franséischsproocheg Länner ginn. Mir hunn a Frankräich 2.134 Studente gehat, an der Belsch 3.236. A wann Der dat zesummerechent, da kommt Der op méi wéi 5.000 där Studenten. An Däitschland sinn et der 3.500.

Dat heescht, d'Zuel vun deenen, déi a Frankräich ginn, déi läit awer nach ëmmer méi héich. Mä do muss een awer wëssen, dass dat do Zuele sinn, déi op alleguerten d'Studenten, Résidents an Netrésidents gekuckt ginn. Mä déi doten Zuel ass awer nach méi héich.

An Dir hutt eng Remarque gemaach, déi ass och richteg, dat ass, dass vill technesch Beruffer oder technesch Studiegäng vläicht net méi esou gewielt ginn. Do maache mer awer och Efforten, well mer wëssen, dass grad do och Leit op dem Aarbechtsmarché gebraucht ginn. D'Employeure soen ons ëmmer, dass do mussen Efforte gemaach ginn.

Do fänken d'Efforten u schonn an der Grondschoul, wou do vill Échangé si mat den Associatiounen vun den Ingenieuren. Mir hunn och en neie Pilotprojet entwéckelt elo mat dem Fonds national de la recherche, fir deem entgéintzewierken, fir och do déi technesch Beruffer e bëssen ze promouvéieren, fir d'Toolen och den Enseignanten zur Verfügung ze stellen, fir déi Beruffer och nach eng Kéier kënne méi duerzestellen. An ech mengen, dat ass eppes, wat mer als Land op jidde Fall müssen um Radar behalen.

Da war nach eng Fro - ech wëll se beäntweren, mä ech kann awer keng Äntwert ginn -, déi d'Madamm Hansen gestallt huet, dat ass eben, wéi et mat dem Lycéesgesetz ass. Dir wësst, dass ech natierlech do keng Kompetenzen hunn an deem Beräich, deem vun der Éducation nationale, soudass Der dat natierlech musst den Éducation-nationales-Minister froen an dee kann Iech do dee Moment eng Äntwert ginn.

Fir de Rescht soen ech Iech Merci, dass et hei awer e breede Konsens gëtt, fir dat doten ze stëmmen. Et sinn e puer Saachen, déi awer den Héichschoulberäich weider wäerte bréngen. A mir sollen awer och e Bilan maachen, no enger gewëssener Zäit, fir ze kucken, wéi et dann elo mat deem neien Diplom a mat deenen doten neien Ausrichtung wäert ausgesinn an ob déi Zuel an d'Luucht geet oder ob een dat net dann eng Kéier wierklech muss anescht gestalten an e puer Joren.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. A mer géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6591 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6591 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Interruption)

Et schéngt awer hei ze klappen. D'Ofstëmmung ass eriwuer an de Projet de loi 6591 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeho.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Haldorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Claude Wiseler), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine

Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Octavie Modert);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn? Ass dat esou?

(Assentiment)

Ma dann ass dat esou décidéiert. Merci villmools.

A mer géifen zum nächste Projet, dee leschte Projet vum Ordre du jour, iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6975 iwwert d'Studiebourssen. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Rapportrice Simone Beissel.

11. 6975 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 juillet 2014 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 10. Juli 2014 hu mer an dësem Plenum de Projet de loi 6670 iwwert d'Studentebäihëllefe gestëmmt. Domadder hu mer e Gesetz gemaach, wat jiddwerengem et soll erméiglechen, fir studéieren ze goen, an zwar wat e wëllt studéieren a wou e wëllt studéieren.

Deeselwechten 10. Juli hunn ech hei op darselwechter Tribün gesot: „Wie méi Ënnerstëtzung brauch, dee kritt déi och.“ An dofir hu mer an dësem Projet de loi verschidden Annerungen elo virgeholl, fir ebe verschiddene Situatiounen nach méi gerecht ze ginn. Well wie brauch méi Ënnerstëtzung? Dat sinn déi Leit, deenen et finanziell net gutt geet oder méi schlecht geet. An et sinn der ganz oft derbäi, déi am Ausland studéieren. An dofir ass décidéiert ginn: Mir erhéien also geziilt déi Boursen, déi am meeschten deene Besoine gerecht ginn.

Fir de ganzen Detail vum Projet, d'ganz Prozeduren an d'Datumen erlaben ech mer aus Zäitmangel, Iech op mäi schrëftleche Rapport henzeweisen, wou Der alleguerten am Detail d'Evolutioun vum System vun de Boursen hutt an och d'ganz Detailler vun der Prozedur.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat wichteg ass, dat ass, wat mer erhéien a firwat. Erënnert Iech: 2014 hu mer misse relativ schnell dat neit Gesetz iwwert d'Studieebäihëllefen un huelen, well eben dat alt Subsidesgesetz fir d'Studenten net méi Uklang fonnt huet virun dem Europäesche Gerichtshaff. Lëtzebuerg war veruerteelt ginn. An du ware mer u sech ënner Zäitzwang a mer hu misse relativ schnell dat neit Gesetz huelen.

Wat mer elo maachen, dat ass de Peaufinage vum dem Gesetz vun 2014. Dat heescht am Kloertext, dass mer kengesfalls d'Grondprinzipien, déi wichteg Prinzipie vum Gesetz vun 2014 a Fro stellen. Au contraire, an dem neie Gesetzestext ginn déi ganz Prinzipie verbessert.

2014 war et ee vun de grouse Butte vun der Regierung, fir selektive Kritäre Rechnung ze droen. Studenten, déi vun doheem net déiselwecht finanziell Moyenen haten, sollte geziilt ënnert d'Aerm gegräff kréien.

Deemools ass d'Bourse sociale agefouert ginn. Elo ass dat de politesche Wëlle vun der heiteger Regierung, fir eben déi Bourse sociale an d'Luucht ze setzen, fir déi ze erhéien. Dat heescht, et ass virgesinn, fir déi Bourse sociale vun 3.000 op 3.800 Euro pro Joer pro Student ze erhéien. Dat ass eng Hausse vu 26,7%. De Volet vun der Sélectivité sociale gëtt also an deem neie Gesetzesprojet nach vill méi valoriséiert.

Déi zweet Ännerung, déi betrëfft d'Bourse de la mobilité. Et ass gewosst, dass Studenten, déi



am Ausland studéieren, aner a meeschtens méi Fraisen hu wéi déi, déi hei zu Lëtzebuerg studéieren a ganz oft bei hiren Eltere kënnen wunne bleiwen. Dofir ass 2015 e Sondage gemaach ginn, fir genau erauszefannen, wéi d'Fraise vun de Studente sinn. D'Fraisen, fir ze wunnen, d'Fraisen, fir sech ze déplacéieren, d'Fraisen, fir sech anzeschreiwen op d'Uni an iwwerhaapt all Zorte vu Fraisen.

Dës Zuelen, déi aus deem Sondage erauskomm sinn an déi elo verwäert ginn, hate mer 2014 net, well ebe keng Méiglechkeet war, fir déizäit e Sondage ze maachen ënnert dem Zäitdruck. An dofir kënnen mer elo nach besser déi ganz Besoine vun de Studenten erfassen.

D'Resultater vun deem Sondage, wat d'Bourse de mobilité ugeet,...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

...bréngen et elo mat sech, dass déi Bourse de mobilité pro Joer pro Student vun 2.000 op 2.450 Euro an d'Luucht gesat gëtt. Dat ass och eng grouss Hausse: Dat ass eng Hausse vun 22,5%. Dat soll wierklech de Studenten et erlaben, do studéieren ze goen, wou se wierklech wëllen.

An deem Kontext wëll ech wierklech en häerzleche Merci soen un all d'Cercles d'étudiants, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, déi eis ëmmer gehollef hunn, well dank hirem groussen Asaz hu mer et fäerdegbruecht, well si massiv bei hire Studentememberen intervenéiert sinn, dass esou vill wéi méiglech Studente bei deem Sondage matgemaach hunn. A mat deem System hu mer net nëmmen en interessant, mä en total representatiiv Resultat kritt.

Déi drëtt Ännerung ass och eppes wierklech ganz Interessantes. Dat ass, dass elo d'Bourssen indexéiert ginn. D'Bourssen ginn indexéiert: 2017 soll dat fir d'Éischt a Kraaft treden. An dann, wann 2017 dee Moment d'Échelle mobile des salaires, wat mer jo d'Cote application, wat mir ëmmer de Salaire un den Index upassen nennen,...

(Brouhaha et interruption par la présidence)

...dat soll dee Moment valoriséiert ginn. An da kënnt scho bei der Rentrée 2018, dat heescht d'Semester 2018/2019, kéint déi éischt Adaptatioun vun deem Index un d'Bourse goen.

Mat deem System soll garantéiert ginn, dass déi Bourssen alleguerter regelméisseg adaptéiert ginn, well mer wëssen, dass d'Fraise vum reelle Liewen och an d'Luucht ginn.

Déi véiert Adaptatioun, déi ass spezifesch, awer och wierklech ganz interessant an och wichteg, dat ass, dass den Zäitraum, während deem e Student, deen en unerkannten Handicap huet, kann op Studiebahnhelfen zréckgräifen, während zwee zousätzleche Semestere verlängert ka ginn. Dat heescht, e kann d'Zäit verlängeren, wou e kann déi Subside kréien, dat, falls en an engem Studium ass vum éischte Cycle, dem zweete Cycle oder dem Cycle de formation à la recherche.

An dann, wann de Studium nëmmen à cycle unique ass, gëtt et souguer eng Méiglechkeet, fir déi Studiebahnhelfe während maximal véier Semestere méi unzefroen.

Dat fanne mir alleguerter ganz wichteg an och ganz gutt, well mat deem do System ass de Principe de l'égalité de traitement oder de l'égalité des chances tëschent allen Zorte vu Studente garantéiert. An ech mengen, dat steet engem Land wéi eisem gutt zu Gesicht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn awer och profitéiert, wéi mer dese Gesetzesprojet um Métier haten, fir och e bësse Simplification administrative ze maachen. Dat heescht, d'Prozedur ass op de Métier geholl ginn, fir ze kucken: Wéi kënnen mer vereinfachen, wéi kënnen mer verbessern, wéi kënnen mer clarifiéieren? An dat esou gutt wat d'Démarchen, d'Demanden ugeet a Saache Bourssen, wéi d'Préten.

Et ass och gekuckt ginn, fir eng besser Kohärenz ze kréien, wat d'Éligibilitéit vun de Formationen, fir ebe Subsidien unzefroen, betrëfft. An da sinn och nach Prezisiounen dran, wat d'Anticumulbestëmmungen ugeet. Dat heescht eigentlech am Kloertext, dass an der Zukunft d'Demandé semestriell eragereecht ginn, semestriell berechent a semestriell sollen ausbezueelt ginn. Dat ass eng bestëmmte Flexibilisatioun, eng Entbürokratiséierung vum System. An ech mengen, doriwwer sinn all d'Studente frou.

Fir de Rescht vun dem Rapport, dee vill méi laang ass, mä wou ech lech wierklech wollt e léftege Rapport virstellen, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Ech soen och alleguerter de Chambres professionnelles, awer och dem Statsrot en häerzleche Merci fir hir circconstanciéiert Avisen.

Merci soe wëll ech awer och den Hären Diederich a Schmit an natierlech der Madamm Hu-

berty, déi se jo geierft hu vun eiser Héichschoulkommissioun, fir déi ganz konstruktiv Aarbecht, dass mer konnte schnell virufueren. Merci der Madamm Joëlle Merges, déi wierklech d'Rad geschloen huet, fir dass mer alles géifen hikréien, an dem Christian Lamesch vun der Fraktioun. A Merci lech alleguerter vun der Kommissioun. Wéi ëmmer hunn ech gedüüst, fir dass mer sollte schnell virukommen. Dir waart alleguerter konstruktiv.

An dofir soen ech en häerzleche Merci a Merci och fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice. An éischt Riederin ass d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ech soen nach eng Kéier Merci, Här President. An da fänken ech erëm eng Kéier mat engem Merci un.

(Brouhaha)

E grouss Merci fir d'Madamm Rapportrice, d'Simone Beissel. Dës Kéier wierklech ee ganz schëtzege Rapport an et ass alles dran. Dofir villmools Merci.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Merci un d'Regierung awer och!

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Neen, dat maachen ech net.

(Hilarité)

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, zimlech genau virun engem Joer hu mer hei iwwert d'Reform vun de Studentebourssen diskutéiert. D'Zil, wat mat dese Bahnhelfen erreicht soll ginn, do schéng sech wierklech alleguerter d'Parteien eens ze sinn, ass, dass mer méiglechst ville Jugendlechen een Héichschoulstudium sollen erlaben. Eisen Aarbechtsmaart brauch des Leit.

Genausou wéi elo grad beim Héichschoulgesez, ass et bei deemem Projet de loi wichteg, dass mer eis bewusst sinn, wéi bedeitend et fir eist Land ass, verstärkt ze kucken, fir eben intellektuell Kapital erunzezellen. An d'Studentebourse sinn hei ee wesentlech, ee ganz wesentlech Instrument, fir dëst ze erreechen.

Firwat sinn elo dës Upassunge gemaach ginn? Op där enger Säit si manner Suen ausgi gi wéi berechent. Et war also nach Sputt no uewen, krute mer erkläert. An op där anerer Säit haten d'ACEL an den OGB-L verschidden Doléancen. Do muss op deser Plaz fir d'Éischt d'Fro erlaabt sinn, firwat déi aner Studentevertriedungen, déi aner Gewerkschaften net bei den Diskussiounen zu deser Reform aktiv agebonne waren. Am Rapport gi si op jidde Fall net erwänt.

Allgemeng zweifelt d'CSV un där Logik, automatesch Upassungen ze maachen, wann emol eppes manner kascht wéi ursprénglech berechent ginn ass. Soss misst een a puncto Spuerpak jo och nach ëmmer froen, ob Upassunge gemaach ginn, wa manner gespuert gëtt wéi ursprénglech berechent ginn ass.

An deem Sënn wëll ech och direkt op déi aktuell Fiche financière agoen. Laut de Berechnunge vum Ministère géifen no deser Reform bei de Studentebahnhelfen Ausgaben an Héicht vun 116,8 Milliounen ufalen: 11,9 Milliounen méi wéi 2014/2015. Ech hunn elo alles nogerechent mat deenen Zuelen, déi mer an der Kommissioun kritt hunn. Mir hunn do ënnerschiddlech Tableaux kritt, si stëmmen och net ëmmer ganz iwwereneen. Mä ech hu mech alt emol op eenzel Tableaux do bezunn.

Mir hu vum Ministère Date kritt vun 2015/2016 iwwert d'Unzuel vu Studenten, déi d'Bourse de base, d'Mobilitéitsbourse an d'Bourse familiale kruten. Ech hunn also do mat deenen Donnéeën gerechent. Bei der Bourse sur critères sociaux hunn ech missen op d'Zuele vun 2014/2015 zréckgräifen, well mer do keng méi eng nei haten. Meng Berechnung ass also éischer nach eng Ennerschätzung, well am Allgemengen den Undeel vu Studenten zouhëlt, wat een awer net däréi vergiesse.

Wéi vill Käschte géifen also tatsächlech ufalen, wann ee mat deene rezentesten Zuele rechent? 129,64 Milliounen Euro. Dat sinn der ëmmerhin 13 Milliounen méi wéi an der Fiche financière ugi sinn. Am Verglach zu 2014/2015 sinn dat 25 Milliounen zousätzlech Ausgaben - ech sinn e bësse geschiedegt an de Lycéekäschten -, dat ass ee Véirels Lycéesgebaul!

Och wann dës Steigerung elo net eleng op d'Reform zréckzeféieren ass - well dat ass déi Berechnung, déi an der Fiche financière ass, meng Berechnung bezitt sech op déi aktuell Zuelen -, dat heescht, wann dës Steigerung elo net eleng op d'Reform zréckzeféieren ass, mä och op déi steigend Unzuel vu Studenten zréckzeféieren ass, an och wann ech dëst elo net direkt wëll bewäerten, esou muss een dach awer feststellen, dass d'Fiche financière net

ganz kloer ass an dass mer erëm bei der Käschtenhéicht ukomm si vun 2013, wou deemools awer och vu Käschtenexplosioun geschwat ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann elo zum Projet de loi selwer.

D'lescht Joer hat ech op deser Plaz gesot, dass mer et géife gutt fannen, dass d'Kritären, déi déi al Regierung ugeduecht hat, näamlech fir nieft enger Basisbourse eng Mobilitéitsbourse an och déi sozial Kritären ze berücksichtegen, dass dës Kritären elo vun der jëtzege Regierung och géifen ugeholl ginn, mä dass mer mat der Gewichtung vun deenen eenzelne Kritären esou net kéinten averstane sinn, well se géint de Prinzip vun der Autonomie vum Student geet. Duerfir hate mer als CSV d'lescht Joer eng Partie Amendementer proposéiert. Si sinn alleguerter en bloc refuséiert ginn!

D'Gewichtung vun den eenzelne Kritäre gëtt och elo net wesentlech geännert. Duerfir, a well nach eng Partie Froen an Onkloerheeten opbleiwen, wäerte mer géint dese Projet de loi stëmmen.

► Une voix.- Ooh!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- An op des Froen an Onkloerheete wëll ech nach kuerz agoen, an dat a sechs Punkten.

Éischtens, d'Basisbourse. Wéi Der lech vläicht kënnt erënneren, hate mer d'lescht Joer proposéiert, fir dës Basisbourse ze erhéijen, an dat am Sënn vun der Autonomie vum Student an awer och, fir Ongerechtegkeete vis-à-vis vu gläichaltrege Jugendlechen, déi nach an de Lycée ginn an déi nach d'Kannergeld kréien, ze verhéieren. Mir hunn deemools gesot, dass d'Basisbourse misst vergläichbar si mam Kannergeld.

Dir Dammen an Dir Hären, am Moment kréien 2.100 Studente just d'Basisbourse. Am Ganze kréien, laut Zuele vum Ministère, méi wéi 25% vun de Studente manner, wéi wa si nach d'Kannergeld kréichen. Méi wéi ee Véirel vun de Studenten, dat sinn der net weëneg, kréiche manner Bahnhelfen, fir op d'Uni ze goen, wéi wa se e bësse getrennt hätten an nach am Lycée wäeren. Da kréiche si näamlech dat méi héicht Kannergeld a si kéinten elo neierdängs, dat ass zwar net wesentlech, och nach gratis mam öffentliche Transport fueren.

Wann ech dann d'Allocation fir d'Rentrée scolaire géif derbäirechnen, da wäeren et der nach eng Partie méi. Dat ass an eisen Aen net normal. Firwat sinn hei keng Upassunge gemaach ginn? Den Här Meisch hat mer d'lescht Joer gesot, dat wär net vergläichbar, well d'Studente wäere schonns an enger anerer Liewenssituatioun.

Datt si an enger anerer Liewenssituatioun sinn, dass kann ech net bestreiden, mä dass ee manner Sue brauch, wann ee Student ass, wéi wann ee Schüler ass an doheem wunnt, dass kann ech awer ganz sécher bestreiden. Also bleift d'Fro nach ëmmer op: Firwat sinn hei keng Upassungen un der Basisbourse gemaach ginn?

Da kommen ech zum zweete Punkt: d'Mobilitéitsbourse. Mir hunn an haten hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer de Virdeel, dass mer Héichschoulabsolventen aus ganz verschiddene Länner um Aarbechtsmaart hunn. Dës Mobilitéit vun de Studente solle mer - a mer sollen d'Autonomie vum Student net aus den Ae verléieren - weider féieren. Duerfir hate mer och bei deser Bourse d'lescht Joer een Amendement gemaach, fir si ze erhéijen. Deemools war d'Regierung dergéint. Et freet eis duerfir émsou méi, dass si no engem Joer Iwwerleeungen an Analysen hir Meinung an deem Punkt geännert huet.

Am drëtten Punkt dann d'Bourse sur critères sociaux an d'Bourse familiale. Am Allgemenge muss ee festhalen, dass déi grouss Gewichtung vun deser Bourse géint de Kritär oder géint de Prinzip vun der Autonomie vum Student geet. Et muss een awer och festhalen, dass 44% vun de Résidentskanner d'Bourse sur critères sociaux net kréien. Dat hat Der liicht ënnerschätzt. D'lescht Joer waart Der vu 35% ausgegangen. A 74% kréien d'Bourse familiale net.

Dernieft bleift weider festzehalen, dass dës Bourse - ech widerhuele meng Ausso vum leschte Joer - keng sozial Bourse ass, mä definitiv just eng Bourse sur critères sociaux. Firwat? Bei der Berechnung vun där Bourse gëtt als eenzege Kritär de Revenu vum Haushalt gekuckt. D'Unzuel vun de Kanner gëtt net berücksichtegt. D'Majoritéit ka mer elo vill erklären, mä si ka mer net erklären, dass et kee groussen Ennerscheed ass, ob eng Famill, wa se zum Beispill 2,5-mol de soziale Mindestloun géif verdéngen, ee Kand oder dräi Kanner am Ausland liewen huet a fir hir Käschte muss opkommen.

Firwat gëtt dëst also net berücksichtegt? Ech krut zwou Erklärungen vum Här delegéierte Minister.

Éischtens, dass wär keng Revendicatioun vun der ACEL gewiescht. Dat ass fir mech keng Erklärung. Et ka jo net sinn, dass, wann eng Studentevertriedung net un eppes denkt, et dann net gemaach gëtt, oder anescht gesot, dass just dat gemaach gëtt, wou d'Studentevertriedung drun denkt. An dat ass och net de Fall. Do kommen ech herno nach drop zréck. Ech mengen, hei huet d'Politik nach eng Verantwortung ze droen.

Déi zweet Erklärung, déi ech kritt hunn, war, d'Unzuel vun de Kanner géif jo an der Bourse familiale gekuckt ginn. Dozou dann awer erëm zwou Bemerkungen: Hei ginn nëmmen déi Kanner berücksichtegt, déi studéieren, an dann nach nëmmen, wann et der méi wéi zwee sinn. An déi aner kaschten awer och. An deem Punkt hat d'ACEL Revendicatiounen. Si hunn allgemeng festgehalten, dass kannerräich Famillje géife benodelegt ginn an dass missten Upassunge gemaach ginn. Hei war also dunne net op d'ACEL gelauschtert ginn. Ech ginn dat komescht Gefill net lass, wéi wann dës Regierung definitiv déi kannerräich Famillje géif konsequent benodelegen.

► Une voix.- Très bien!

► Plusieurs voix.- Oh!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Et freet ee sech jo, wou de gesonde Mënscheverstand ass, wann ee wierklech drun zweifelt, dass méi Kanner an engem Haushalt keng Méikäschte géife verursaachen. Vläch kréien ech jo haut méi eng zefriddestellend Antwort.

Da mäi véierte Punkt: d'Leeschtung. An eiseem gesamten Éducationssystem musse mer d'Leeschtung fuerderen a féieren. Dovunner si mir als CSV iwwerzeegt. Och duerfir hate mer d'lescht Joer an deemem Sënn een Amendement déposéiert, fir d'Leeschtung am Boursesystem ze honoréieren. Mir haten deemools gehofft, dass mer een Alliierten an der DP géife fannen, well si dat bei der Reform vun 2013 gefrot haten. Mä si haten hir Meinung iwwert d'Joer geännert. Schued!

Ech wëll hei just nach drop verweisen, dass och d'Chambre des Métiers gefrot huet, fir d'Leeschtung ze honoréieren. An ech wär frou, vum Här delegéierte Minister gesot ze kréien, firwat dass net och an dës Richtung zumindest iwwerluecht ginn ass.

Da kommen ech zum fënnefte Punkt: d'Studente mat engem Handicap. Hei wëll ech betounen, dass mir dese Virschlag vun der Regierung als CSV begrëssen. An eisen Aen ass et eng gutt Saach, dass si zousätzlech Zäit kréien, fir hire Studium fäerdeg ze maachen.

Da kommen ech zum sechsten a leschte Punkt, zu där ominéiser - ënner Gänseféisschen - „Indexéierung“ vun der Bourse. „Firwat ass dat gemaach ginn?“, hate mer an der Kommissioun gefrot. Antwort: „Well den OGB-L et wollt.“ Ass dat eng Antwort? An eisen Aen net. D'Gewerkschafte froe vill.

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Sou war dat net gesot ginn!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Esou steet et awer am Rapport.

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Esou äänlech! Esou äänlech!

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Ma da steet et bal esou dran. Ech sichen et no.

► **M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Jo, jo.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Et war awer soss keng Antwort komm. Den OGB-L hätt dat gefrot.

An da muss ech mech froen: Huet d'Regierung wëlles, ab elo alles ze maachen, wat gefrot gëtt? Wann dat esou wär, da wär et eng Antwort. Wann et net esou ass, ass et keng Antwort.

An da stellt sech nach eng aner Fro: Firwat hu mer dräi verschidde Systemer vu regelméissegem Upassungen? D'Studentebourssen, d'Présentations familiales, Indemnitéite beim Congé parental. Wou ass do d'Kohärenz? De Marc Spautz war gëschter och schonn dorop agaangen.

An den Ae vun der CSV solle regelméisseg Upassungen envisagéiert ginn. Automatesch Upassunge wäeren net noutwendeg. An a kengem Fall sollen dräi verschidde Systemer vun Upassunge benotzt ginn.

Äänlech gesinn d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers dëst och. Si verweisen an hirem Avis nach zousätzlech drop hin, dass



dëst net a Richtung vu Konsolidéierung vun de staatlechen Dépensé vum Statsbudget geet. Et wär op jidde Fall interessant, vum delegéierten Här Minister gewuer ze ginn, ob et nach aner Erklärunge fir dës Mesure a fir dës Inkohärenz bei den Upassungssystemer gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als CSV si mer nach ëmmer iwwerzeegt vum eise Propositionen, déi mer d'lescht Joer gemaach haten am Sënn vun der Autonomie vum Student. Als CSV hu mer, wéi Der elo grad héieren hutt, nach eng Partie Froen, déi net zefriddestellend konnte beäntwert ginn. An duerfir wäerte mer géint dëse Projet de loi stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci der Madamm Hansen. An d'Wuert huet elo den Här Claude Lamberty.

(Interruption)

Neen, mä ech erkennen den Gentleman erëm.

► **M. Claude Lamberty** *(DP).* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2014 gouf eng Reform vun de Studiebahillefe gestëmmt, déi et net nëmme all Student erlaabt, universitär Studien ze maachen, mä déi och nach derfir gesuergt huet, dass déi Leit, déi méi brauchen, och méi kréien. Mat deem Gesetzesprojet, dee mer haut wäerte stëmmen, ginn d'Bourse fir dës Leit erhéicht. A soumat ass a bleift Lëtzebuerg dat Land, wat seng Studenten am beschten ënnerstëtzt, fir kënnen erfollegräich studéieren ze goen.

Dass Lëtzebuerg gutt ausgebildete Leit, ech géif souguer soen déi bescht ausgebildete Leit brauch fir säin Aarbechtsmaart, dat soen eis net just d'Betriber all Dag an oft genuch. Dat ass vun nationalelem Interessi, fir eist Land fit ze halen; och am internationale Verglach mat anere Länner. Gutt ausgebildete, dat zielt fir all d'Beräicher vun de Betriber, mä an dësem Kontext geet et ëm de Beräich vun den universitären Carriären. Dofir musse mir heibannen och fir deen adequate Kader suergen, fir dass genuch Leit studéiere kënnen goen an esou dann och genuch Leit en Diplom kënnen kréien. Ech mengen, dëst Gesetz wäert erheeblech derzou bäidroen, dëst Zil ze erreechen.

2015 gouf e Sondage gemaach, fir erauszefannen, wat d'Besoin vum de Lëtzeburger Studenten sinn a wat hir Käschte während dem Studium genau ausmaachen. 2.839 Studenten, dat war d'Ziel vun deenen, déi fir d'Joer 2014-2015 eng Demande fir Studiebahillef gemaach haten. Déi hunn um Sondage deelgeholl: 2.839 Studenten. D'Studente selwer waren och Demandeur, fir esou e Sondage ze maachen.

An deem Kontext wëll ech d'Participatioun vun de Studente beim Ausschaffe vum Froekatalog ausdrécklech luewen, sief dat d'ACEL, d'UNEL an awer och CGJL. Si hunn aktiv matgeschafft, fir d'Froen ze definéieren, an hunn och zum Schluss de finale Froekatalog validéiert. Ech muss soen, ech fannen dat eng ganz gutt Saach, dass eis Studente sech aktiv un der Gestaltung vun der Politik bedeelegen, ganz besonnesch un där Politik, déi si direkt betrëfft.

Net nëmme beim Ausschaffe vum Sondage, mä och beim Ausschaffe vun dësem Projet de loi souz d'ACEL, also d'Vertriidung vun de Studentecerclen, bis zum Schluss mam Héichschoulministère um Verhandlungsdësch. Och wann herno net all hire Fuerderunge Rechnung gedroe gouf, esou kann een awer soen, dass si derzou bäigedroen hunn, dass Verbesserung konnt ausgeschafft ginn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech fannen dat wichteg fir eng Studentenorganisatioun, fir produktiv matzeschaffen am Intérêt vun de Studenten. Si hunn hir Roll hei an dësem Dossier méi wéi erfüllt. Ech fannen allgemeng, dass de Kontakt vun de Studente mam Ministère, sief dat op der järelecher REEL oder och während de bilaterale Gespréicher, selten esou gutt war wéi elo. Jo, den Héichschoulministère lauschtert op seng Studenten. An dat ass och gutt esou! De Gesetzesprojet vun haut ass do dat beschte Beispill.

Här President, oder ech gesinn, Madamm Presidentin: Wat sinn dann elo d'Resultater vun deem Sondage? Ech ginn elo net op all Detail an, mä interessant war erauszefannen, dass 45% vum Budget vum Student am Ausland an de Logement gestach gëtt. An iwwer een Drëttel vun de Befrote wëlle gären esou eng Erfahrung am Ausland maachen. Dëst beweist, dass e reelle Besoin do ass, fir d'Mobilitéit ze ënnerstëtzen. An dofir fannen ech et nëmme

richteg, dass d'Bourse de mobilité elo erhéicht gëtt.

47% vun de Studenten hunn uginnt, keng Geldsuergen ze hu während hirem Studium. An 23% hunn allerdéngs regelméisseg Problemer. Aus dem Sondage geet och ervir, dass vun dësen 23% d'Elteren doheem manner Akommes hu wéi déi, déi keng Geldsuergen hunn. Dofir erhéije mer haut d'Bourse sociale, fir genau déi Leit geziilt ze ënnerstëtzen, déi Problemer hunn, um Enn vum Mount déi zwee Enner zesummenzekeréien.

Interessant ze liese war och, dass iwwer 76% net brauchen nieft hirem Studium schaffen ze goen, fir sech hir Studien ze finanzéieren. An anere Länner ass dat ondenkbar. Vill Studente mussen do nieft der Uni owes oder weekends, meeschtens an engem Café oder an enger Bar, an engem Fast-Food-Restaurant jobbe goen.

Ech mengen, wann een d'Zuelen aus dem Sondage liest, da kann ee soen, dass d'Lëtzeburger Studenten insgesamt genuch Ënnerstëtzung kréien, fir kënnen ze studéieren. Déi Studenten, déi elo méi Problemer haten, sinn déi, wou d'Eltere manner verdéngen, oder déi, déi am Ausland studéieren. A genau déi Leit kréie mat dësem Gesetzesprojet an Zukunft elo e Stéck méi vum Kuch.

Madamm Presidentin, genau aus dëse Grënn wäert d'Demokratesch Partei fir dëse Projet de loi stëmmen. Erlaabt mer zum Schluss awer nach eng kleng Remarque: Firwat et eng CSV haut fäerdegrëngt, fir net wëlle fir dëse Projet de loi ze stëmmen, ass mer e Rätsel. Jo, si hu virun zwee Joer géint d'Reform vun de Studiebahillefe gestëmmt, mä ass dat elo e Grond, haut géint dëst Gesetz ze stëmmen, wat jo awer eng wesentlech Verbesserung fir d'Studente mat sech bréngt?

Jo, d'Studente selwer, mä och d'Gewerkschaftskreesser si sech eens, dass dës Adaptatiounen gutt a richteg sinn. D'Studenten hu mer och gesot, dass dat hei genee dat ass, wat si brauchen, fir kënnen studéieren ze goen. Wann d'CSV emol heiansdo ganz gäre seet, dass d'Majoritéit net géif op d'Leit lauschten, sinn et hei awer si, déi géint dat stëmmen, wat d'Leit, an dësem Fall d'Studenten, wëllen. Dat ass definitiv net onbedéngt eng konstruktiv Oppositionsaarbecht. Dat ass just dergéintstëmmen, fir dergéint ze sinn.

Heiansdo muss ee vläicht och unerkennen, dass dës Regierung dee richteg Wee geet. Dëst gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren, ginn der Rapportrice natierlech och e grouse Merci, an heilmadder den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Lamberty. D'Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen** *(CSV).* - Ech wollt just kuerz op dat reagéieren, wat den Här Lamberty gesot huet. Ech weess net, ob den Här Lamberty eis Amendementer vum leschte Joer kennt. Dat war eng aner Iddi hannendrun, eng ganz aner Grondphilosophie. Ech hu se probéiert nach eng Keier ze erklären. An ech weess och net, ob dee Véirel vun de Studenten, déi elo manner kréien, wéi wa se Kannergeld kréichen, ob déi esou zefridde sinn.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Gutt! Merci. Als nächst Riednerin hunn ech d'Madamm Taina Bofferdin ageschriwwen. Madamm Bofferdin, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Taina Bofferdin** *(LSAP).* - Merci, Madamm Presidentin. Op en Neits beschäftegt sech d'Chamber mam Gesetz vun de Studiebahillefen. Sait dem Gesetz vun 2000 si vill Changementer gemaach ginn, besonnesch an deene leschten zéng Joer. D'Detailer zur Evolutioun sinn am Rapport zum Projet de loi nozelesen. An domadder profitéieren ech elo vun der Geleeënheet, fir der Rapportrice, der Madamm Beissel, e grouse Merci ze soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

(Brouhaha et interruption par la présidence)

Op den éischte Bléck mag et vläicht komesch ausgesinn, dass mer an der Chamber, nodeems mer virun zwee Joer e Gesetz gestëmmt haten, dat déi ganz Aides financières nei geregelt huet, dann haut nees iwwer eng Reform vun deem Gesetz ofstëmmen. Op den zweete Bléck gesäit et awer manner komesch aus, wann ee weess, dass mer eis bei der Reform 2014 an enger Motioun engagéiert haten, dass no engem Joer en éischte Bilan respektiv no zwee Joer eng detailléiert Evaluatioun presentéiert sollte ginn. A genau dat ass gemaach ginn. An dofir maache mer och haut déi Adaptatiounen.

D'LSAP begréisst net eleng d'Tatsaach, dass e Bilan gezu ginn ass, mä dass och vun Ufank un op d'Zesummenaarbecht mat de Studente ge-

sat ginn ass, esou wéi mer dat och deemools gefuerdert haten. Déi TNS ILReS-Émfro mat de Studente war sënnavoll, fir eben déi sozioekonomesch Situatioun vun de Studenten ze erfaassen an ze analyséieren.

Et ass gutt, dass mat hinnen zesummen no Léisunge gesicht ginn ass. Och wann déi eng Sait sech net op alle Punkten duerchgesat kritt huet, esou gouf sech awer op deene wesentleche Punkte géeneegt.

An deem Kontext géif mech interesséieren, wou déi Iddi vun engem national representative Gremium fir d'Studenten drun ass. Et gouf jo driwwer nogeduecht, esou eng Instanz ze schafen, déi sech nom Modell vun der CNEL, der nationaler Schülerkonferenz, kéint orientéieren an eben esou d'Vertrieder vun alle Studente-organisations kéint regruppéieren. Esou kéint e permanenten Échange net just tëschent de Studenten, mä eben och mam Ministère respektiv mat der Regierung etabliert ginn.

Vu dass elo bei der Ausaarbechtung vun der Reform awer just eng Studentenorganisatioun, wann och bäi Wäitem déi gréissten, trotzdeem um Dësch souz, fir ze verhandelen, géif ech gäre vum Minister wëssen, ob déi Iddi elo giess ass oder ob de Minister awer nach un där Iddi festhält. Op alle Fall géife mir et als LSAP begrëssen, wann esou eng Studentekummer géif geschafe ginn.

Wat elo d'Elementer an der Reform betrëfft, esou fanne mir net, dass et hei nach esou vill Onkloerheete gëtt, dass mer dat Gesetz elo net kéinte matstëmmen. Ech hunn och éischter den Androck, dass dee Refus sech éischter doranner begrënt, dass ee prinzipiell vläicht mam Gesetz, wéi mer et deemools gestëmmt haten, also mat dem neie Bourssesystem net averstanen ass. Ongeräiften Adaptatiounen hu mir op alle Fall elo keng hei am Text fonnt.

Och si mer net, am Géigesaz zu aneren, der Meinung, dass hei bei de Studiebourssen Aewäscherei géif gemaach ginn. Déi zousätzlech Enveloppe vun zéng Milliounen, dat si fir eis keng Peanuts. Mir sinn der Meinung, dass dat gutt investéiert Sue sinn an eis Studentinnen a Studenten. A mat dëser Reform ginn och konkret Verbesserungen agefouert.

Elo kann een natierlech froen, firwat mer net direkt bei der Reform 2014 verschiddene Kritäre Rechnung gedroen hunn. De Verdacht war do, dass et bei verschiddene Staffellungen vläicht e bësse méi enk kéint ginn a Montante geréng ausfalen. Mir haten eis awer drop géeneegt, eben zesumme mat de Studenten déi Émfro ze maachen, an hunn eis och domadder eben d'Dier opgehalen, fir spéider respektiv haut ebe kënnen déi Adaptatiounen ze maachen a fir, wéi gesot, mat de Studenten zesummen ze kucken, wou dann herno schlussendlech de Schung dréckt.

Esou soll elo d'Sozialbourse erhéicht ginn, fir besonnesch deene Studenten aus den akommesschwache Familjen nach méi kënnen ze hëllefen. D'Mobilitätsbourse geet ëm 450 Euro an d'Luucht, woumadder mer d'Studenten ënnerstëtzen, déi am Ausland studéieren.

Weider begrëisse mer och an der Reform d'Veinfachung vun den administrative Prozeduren a fannen déi Opdeelung a Semester fir d'Attributioun méi sënnavoll. Esou kritt e Student pro Semester dat, wat him zoustee, a mer évitéieren domadder och déi aktuell Handhabung, dass, wann e Student fir ee Semester refuséiert gouf, dann automatesch fir dat ganz Joer mat refuséiert war.

Och begrëisse mer déi zousätzlech Dauer vu maximal zwee Semestere plus... pardon, pro Cycle, déi engem Student mat enger Behënnung accordéiert ginn. Eng grouss Modifikatioun, déi dann natierlech menger Partei ganz besonnesch um Häerz läit, ass d'Indexéierung vun de Studiebahillefen. Den Héichschoulministère huet sech mam OGB-L no laange Verhandlungen iwwert d'Indexéierung vun der Studiebourse géeneegt, fir déi periodesch unzepassen. Fir eis als LSAP ass et nach ëmmer wichteg, dass net de Portmonni driwwer décidéiert, ob e Mënsch ka studéieren goen. Mir gesinn de Stat hei an der Pflicht ze hëllefen.

Och mat dëser Reform suerge mer weiderhin derfir, dass all Jonken, dee wëllt studéieren goen, ënnert d'Aerm gegräff kritt. Mat dësem System gëtt weiderhin op sozial Gerechtegkeet gesat. Dat heescht, dass virun allem déi Studenten aus finanziell méi schwach gestallte Familjen zousätzlech ënnerstëtzt ginn.

Et gëtt och weiderhi keng Altersgrenz - dat gëtt oft vergiess -, dass jiddwereen, deen och spéider a sengem Liewe wëllt e Studium ufänken, vum Stat do ënnerstëtzt gëtt; ganz am Sënn vum Lifelong Learning. Weider kënnen Studenten, déi enger regulärer Aarbecht noginn, vun der Studiebourse profitéieren. An d'Handhabung fir d'speziell Fäll, déi sougenannten Härtefäll, bleift weiderhi bestoen.

Dëst sinn Atouten, déi meng Partei, d'LSAP, weiderhi verteidegt. An dofir stëmmen mir dësem Gesetz och ganz gären zou, fir ebe weiderhin an d'Bildung an an d'Chancëgläicheit vun eiser Zukunft ze investéieren.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Bofferdin. Als nächste Riedner hunn ech den Här Claude Adam ageschriwwen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** *(déi gréng).* - Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och direkt da mat e puer Mercien ufänken. Merci lech. Et war gesot ginn, Dir hätt e schëtzege Rapport gemaach, mä dee Rapport war awer ganz korrekt a ganz komplett. Dann ass dat och net schued, wann e schëtzeg ass. Merci dem Här Lamberty, well en eis rappelléiert huet, wat an deem Sondage vun der TNS ILReS vu Mäerz/Abrell 2015 stoung. Merci och der Madamm Bofferdin, dass se nach eng Keier un déi Studentekummer erënnert huet. Dat ass natierlech interessant. Da si mer och gespaant, wat de Minister dozou wäert soen.

Deene Leit, déi no mir schwätzen, deene soen ech emol net am Viraus Merci, mä dat wäert ganz interessant ginn, esou wéi mer lech kennen. Merci selbstverständlech och der Madamm Hansen, well mer hu Modell 1, an ech hätt meng Zäit wahrscheinlech net ausgefüllt kritt, wa mer awer net och d'Méiglechkeet gi wier, do op verschidde Saachen anzegoen.

Vläicht, fir unzefänken: Et ass fir d'Veiert, dass ech dierf iwwert d'Reform vun de Bourssen hei schwätzen. Ech komme mer e bëssen al vir. Dat huet awer och de Virdeel, dass een den Historique kennt, an dat mécht et engem e bësse méi einfach, fir hei Positioun ze bezéien.

Ech kann zum Beispill soen: Et ass fir d'Alleréisch, dass mer hei ouni Zäitdrock schwätzen. Dat fannen ech schonn ee ganz grouse Gewënn. Bei all deenen anere Reforme war ëmmer, souwuel déi vum Här Biltgen wéi déi vum der Madamm Hansen wéi déi éischt vum Här Meisch, en Drock do, dass mer hu misse schnell reagéieren op eng Situatioun, déi riskéiert huet, ausser Kontroll ze geroden. Haut hu mer dann ee Gesetz, wat mer stëmmen, wou mer néierens... Et huet kee missen hei soe bei enger Ried, dass mer eis hu missen tommele an dass Drock do war.

Wat maache mer mat deem Gesetz? Majo, mer besseren dat Gesetz vum 10. Juli 2014 no. Mir haten och den 10. Juli 2014 gesot, dass mer eis géifen - an ech fannen dat bal eng Selbstverständlechkeet - d'Recht eraushalen, dass mer, wa mer Spillraum hätten a wa mer geséichen, dass et noutwendeg wär, fir nozebesseren, dat da géife maachen. Dat maache mer dann haut. Mir kënnen dat maachen, mir maachen dat a mir maachen et geziilt an hëllefen do, wou et néideg ass.

Bourse de mobilité: Et ass gewosst, dass am Ausland studéieren am Prinzip méi deier gëtt wéi bei eis. Duerfir setze mer déi Bourse erop.

Bourse sociale: Mir hunn de Kritär vun der Sélectivité sociale méi eropgeschrafft. Mir hu méi Sue libéréiert, fir där Sélectivité sociale kënnen entgéintzegoen. Mir hunn an Zesummenaarbecht... De Minister huet mam Cercle des étudiants, mat der ACEL, zesummege-schafft.

Et ass gesot ginn, dass der UNEL wier net geschwat ginn. Dat ass net ganz richteg. Et ass och mat der UNEL geschwat ginn, et ass awer net an deemselwechten Ausmooss geschwat ginn. Den Här Minister kann duerchaus drop agoen. Ech war net bei deene Gespréicher derbäi, ech war awer wahrscheinlech, wéi Dir och, vun der UNEL ugeschwat ginn.

A mir haten och Gespréicher mat der UNEL. An ech kann lech soen, ech fannen déi Gespréicher ëmmer extrem interessant. Si komme mat ganz ville Proposen, déi Dir deelweis och hei gesot hutt. A si kommen awer och mat Proposen, déi een net ëmmer muss deelen. Si hu mir zum Beispill Saache gesot - ouni en Detail ze verroden -, mä si hu méi Saachen iwwert de Prêt gesot, déi ech einfach net konnt gutthallen. An ech hunn hinnen dat och kloer an daitlech gesot. Also, ech menge schonn, dass d'UNEL sech och zu Wuert gemellt huet.

Dir hutt och nach gesot: „Den OGB-L huet sech zu Wuert gemellt.“ Jo, en huet eng Propos gemaach. Ginn d'Bourssen indexéiert, well den OGB-L dat gefrot huet? Ech mengen, den OGB-L huet vläicht eng Iddi lancéiert, a mir hunn déi Iddi datt fonnt an duerfir hu mer dat gemaach. Ech fannen dat nach wie vor och gutt. Ech ka mech elo erënnere, mir haten emol d'Bourssen desindexéiert, do hu mer dat net gutt fonnt. Elo indexéiere mer se erëm; dat fannen ech gutt.



Den LCGB huet sech net bei mir gemellt. Ech hätt och gäre mam LCGB geschwat. Wéi et beim Minister war, dat muss de Minister soen.

Hëllef fir Studenten à besoins spéciaux, do maache mer och eng gutt Saach. Déi verlängere mer. Mir verlängeren d'Délaien. D'Prozedure gi vereinfacht. Dat huet och eis Rapportrice gesot. Dat fanne mer alles positiv.

Et ass eigentlech ganz flott, datt mer haut iwwert d'Bourse schwätzen an datt mer keng Manifestantë virun der Dier stoen hunn, datt mer och keng Polemik am Virfeld haten, soudatt ech eigentlech, wéi meng Kolleegen och vun der DP, dervun ausgaange sinn, datt mer eventuell hei méi a Richtung Unanimitéit géife goen. Mä dat ass net de Fall. Dat ass awer och net problematesch. Ech mengen, d'CSV stëmmt, wéi si wëllt stëmmen. Dat ass hiert absolutt Recht. Si si verantwortlech vis-à-vis vun eiser Här an hirem Gewëssen an net vis-à-vis vu mir.

Ech ginn awer trotzdem e bëssen an op déi sechs Punkten, déi d'CSV hei kritiséiert huet.

Si seet: „D'Basisbourse ass ze niddreg.“ Dat hutt Der ëmmer gesot. Dat kann een natierlech deelen. Et ass méi einfach ze deelen aus der Oppositoun eraus wéi aus der Majoritéit eraus. Mir hunn awer emol... Dir hutt awer engersäits och nogerechent, wann Der d'Fiche financière... Dir hutt gesot, Dir hätt lech vill Méi ginn an Dir hätt nogerechent. An Dir hutt gesot, datt dat wahrscheinlech awer méi deier géif gi wéi dat, wéi de Minister et ausgerechent huet. An Dir hutt et och nach mat - wéi vill ass et? - engem Véirels-Lycée oder engem hallwe Lycée...?

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- E Véirels.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- ...engem Véirels-Lycée gerechent. Engersäits sot Der, et gétt méi deier wéi gewollt, an anerersäits géift Der awer gären duerch d'Bourse de base d'Käschten nach eropsetzen. Dat ass awer e bëssen eng géigesätzlech Ausso.

(*Interruption par Mme Martine Hansen*)

Gutt!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Adam, fuert virun, wann ech gelift!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci. Jo, soss gi mer net fäerdeg. Dir hutt recht, Madamm Presidentin.

Zweetens, d'Mobilitéitsbourse. Do sot Der och vun der CSV aus, déi wier ze niddreg gewiescht. Elo huet d'Regierung déi ugepasse. Dir hutt gesot, et wier elo besser. Ech weess net, ob Der grad gesot hutt, et wier elo gutt.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hu gesot, mer wieren ëmsou méi frou, datt...

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Dir sidd frou. Wonnerbar! Also, dee Punkt, do wiere mer eis dann entgéintkomm.

Déi Geschicht vun der Autonomie vum Student bréngt Der ëmmer erëm. Dat ass en Discours. Vläch misste mer eng Kéier en Débat d'orientation maachen iwwer: Wat versti mer ënner Autonomie vum Student? Do ginn ech elo net drop an.

Dir hutt gesot, d'Sozialbourse, dat wier net eng sozial Bourse, mä et wier eng Bourse sur critères sociaux. Vläch hutt Der och recht mat där Ausso. Mir sinn op alle Fall frou, datt mer do méi Sue libéréiert hunn an datt mer do wierklech geziilt awer trotzdem kënnen deenen hëllef, déi et brauchen.

Är Iddi, fir d'Leeschting ze férdere an engem Boursesystem fanne mer interessant. Et kéint ee sech duerch aus eng Kéier iwwerleeën, wéi dat kéint ausgesinn. Ech sinn allerding net onbedéngt der Meinung, datt dat mussen öffentlech Gelder sinn, déi mer do asetzen. D'öffentlech Gelder setze mer schonn an, wann ee seng Studie mat Succès suivéiert. Mä wéi gesot, do kéinte mer gären driwwer diskutéieren.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Datt mer dat mat de Studente mat Handicap besser geregelt hunn, fannt Der gutt.

D'Indexéierung vun der Bourse, hunn ech scho gesot, do mengt Der, mer hätte just dat gemaach, wat den OGB-L wëllt. Ben, ech gesinn dat anescht. An do sot Der dann och erëm eng Kéier, domadder, mat där Indexéierung géife mer net zu enger Stabiliséierung vun de Statsfinanze kommen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- D'Chambre des Métiers huet dat och geschriwwen.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Mä Dir hutt dat awer wahrscheinlech och guttgehalen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hunn et gelies.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Ah, Dir hutt et just gelies!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- An dunn hunn ech lech dat gesot.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- A wat ass dann Är Meinung dozou?

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech sinn der Meinung, datt si recht hunn.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Gutt. Da sinn ech der Meinung, datt Der zweemol sot, mer hätten net genuch Suen ausginn, an op zwou anere Plaze sot Der, mer géifen der méi ausginn. Also, datt ass awer schonn eng...

(*Interruption*)

Et ass ee Spill. Trotzdem...

(*Interruption de Mme Martine Hansen*)

Här President, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Ech si frou, datt mer déi Méiglechkeeten haten, déi Studenteboursen hei nozebesseren. An ech sinn och frou, datt mer se op deene Punkten nogebessert hunn, wou mer dat gemaach hunn. An domat bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Adam. An als virleschte Riedner ass den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn e ganz interessante Rapport vun der Madamm Beissel héieren. E wor séier, e wor gutt, e wor komplett. Villmools Merci derfir!

Et ass fir eis eng Freed, dëst Gesetz ze liesen, well et op ville Punkten enger ADR-Motioun entsprécht, déi mir schonn 2010 abruecht hatten. Et ass also ouni Zweifel e Schratt an déi richteg Richtung. Mir hunn eis driwwer gefreet, datt d'Bourse sociale, d'Bourse de mobilité gehéicht géife ginn. Mir fannen och d'Indexéierung gutt. Mir wäre souguer frou, wann d'Indexéierung op aner Leeschtungen, am Familleberäich notament, kéint ausgedee ginn. Déi Lektür, déi mer maache vum dem Historique vun der Indexéierung, ass allerding och déi, déi d'Madamm Hansen proposéiert huet.

Am Rapport steet, datt et parallell Rencontre ginn hätt vun de Verrieder vum Ministère mat dem Syndikat OGB-L «pour analyser les adaptations projetées». An da steet do: «Ainsi il a été retenu d'introduire une indexation des différents bourses (...).» Also et besteet am Rapport op jidde Fall en direkten «lien de cause à effet» tëschent der Rencontre mat dem OGB-L an dëser Moosnam. Mir hunn näischt dergéint. Ech wollt dat awer just preziséieren, datt eis Analys do déiselwecht ass wéi déi, déi d'Madamm Hansen lech proposéiert huet.

Da fanne mir et och ganz gutt, datt fir déi handicapéiert Mënschen d'Studienzäite verlängert ginn. An dofir wäerte mir och dëst Gesetz matstëmmen, well eng Rei positiv Punkten dra sinn.

Ech wëll awer och derbäisoen: Mir sinn elo bei der sechster Versioun, wa mer richteg gezielt hunn, vum Gesetz iwwert d'Studiebahëllef. Mir wären awer der Meinung als ADR, datt trotz all deene Verbesserungen, déi mer haut hei stëmmen, eng siwent Versioun och nach méiglech wär.

An op dräi Punkte kéinte mer eis ganz sécher och Verbesserung virstellen: Dat Éischt ass d'Adaptation vun der Basisbourse, fir déi op d'mannst op den Niveau vum Kannergeld ze héijen. Dat Zweet ass, datt d'Unzuel vun de Kanner am Stot soll matberücksichtegt ginn. An dat Drëtt ass, datt d'Leeschting och gär mat öffentleche Gelder, well et ass schlisslech am Interessi vun eiser Gesellschaft, soll matberücksichtegt ginn.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der ADR. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Wéi ech déi heite Ried virbereet hunn, hunn ech missen un Island denken. Dir wäert lech froen: Wat ass mat deem erëm hei lass? Firwat hunn ech un Island geduecht? Mä zurzäit kuckt jiddwereen hei zu Lëtzebuerg op Island an op déi Fussballséquipe, well dat klengt Land, wat 200.000 Awunner manner huet wéi Lëtzebuerg, et fäerdegbréngt, sech ze behapte géint déi grouss.

Et ass e Land, wat sech duerchsetzt a ville Beräicher. An der Politik ass et e Land, wat kämpft, wat Ministeren aus der Regierung jot, wa se an de Panama Papers opdauchen, wat Banquieren an de Prisong stécht, wa se falsch Saache maachen. Et ass och e Land, wat eng grouss Kultur huet, wat sech behapt weltwäit an der Literatur an an der Musek. Et ass e Land, wat am Joer 1911 scho seng éischt Uni hat, an et ass e Land, wat e ganz gudder Ruff huet. Et brauch keen

Nation Branding. D'Islänner schafen Tatsachen; dat ass manner deier an et ass effikass.

Mir hu quasi ee Jorhonnert méi gebraucht, fir eng richtig Uni ze kréien. De Prozess ass wahrscheinlech en plus nach net ganz ofgeschloss. Ech mengen net, datt eis Héichschoulpolitik onbedéngt eppes ass, woumadder mir eis kënnen am Ausland bretzen. A souguer do, wou mir eis et leeschte kéinten, derfir ze suergen, datt d'Studéiere fir jiddwereen abordabel misst sinn, zemools fir déi manner gutt Situëiert, do weise mer weineg Gréisst.

Mir si souguer éischter klenglech. Ech brauch nëmmen drun ze erënnere, wéi eng viregt Regierung natierlech d'Hëllef an d'Critères de résidence gebonnen hat an de facto d'Kanner vun de Grenzgänger, déi jo och cotiséieren, also zum Räichtum vum Land bäidroen, ausgeschloss hat. Dobäi hu mir Lëtzeburger jo awer iwwer Jorzéngten och vun den auslänneschen Unisinfrastrukture grandement profitéiert. Dat gouf selbstverständlech natierlech virun der EU-Gerichtsbarkeit verworf, wat ze erwaarde war.

Mir glänzen awer nach ëmmer net. Well och wann d'Frontalierskanner net méi ausgeschloss si vun den Hëllef, kréie se déi eréischt, wann d'Elteren an enger Referenzperiod vu siwe Joer fénnef Joer hei geschafft hunn. Déi Klausel vu fénnef Joer, déi jo och ugefecht gétt, staamt aus dem Gesetz vum 2013, wat natierlech e bësse verbessert gouf 2014, andeems déi Siwe-joresreferenzklausel komm ass. Mä ech géif och mengen, datt souguer dat deemno wéi deem nächst net kéint virun enger EU-Gerichtsbarkeit standhalen. Mä on verra bien.

Här President, dëse Projet de loi gesäit zwou richteg Verbesserung vir an eisen Aen: e speziell Traitement fir Studente mat Handicap, déi zwee Joer méi laang Urecht hunn op d'Hëllef, an natierlech och d'Indexéierung vun den Hëllef. Et ass gutt, datt dës Regierung munchmol op d'Gewerkschafte lauscht. Dat muss een ënnersträichen, well dat geschitt ganz, ganz, ganz seelen.

Wat déi aner Verbesserungen ugeet, do bleiwe mer awer e bësse méi skeptesch. Mir hunn net den Androck, datt d'Regierung verstanen huet, firwat 2014 17.000 Schüler a Studenten op d'Stroos gaange sinn. An et mierkt een dat och weiderhin. Bis elo gouf e puermol gesot hei: „Jo, mir hunn diskutéiert mat de Studentenorganisationen.“

Ech hunn éischter den Androck, datt et «cause toujours, tu m'intéresses!» ass, ze diskutéiere mat Studentenorganisationen, hinnen nozelauschteren a souwisou quasi näischt ze iwwerhuelen. Do brauch een awer schonn nëmmen d'Position vun der UNEL ze kucken. An ech mengen, och wann d'ACEL an och déi aner Organisationen gewësse Reforme vun dësem Projet de loi akzeptéiert hunn, datt si awer nach ëmmer bei hirer fundamentaler Kritik bliwwen sinn, genau wéi d'Chambre des Salariés d'ailleurs och. Dat dierf een awer net vergiessen.

Also mir hunn awer nach ëmmer Problemer. Doduerch, datt d'Bourse de base onverännert bleift, si mir der Meinung, datt d'Autonomie vun de Studenten, déi manner finanzkräfteg sinn, geschwächt bleift. Elo kéint d'Regierung natierlech soen, datt déi sozial Bourse erhéicht gétt. Dat ass à la limite och nach e Minimum. An duerno gétt monéiert, datt och d'Bourse de mobilité erhéicht gétt.

De Problem ass awer deen, datt d'Realitéte ganz aner sinn, well, wéi dat permanent och vun de Studentevertriedungen zu Recht betount gétt, sinn dat zwou Boursen, déi sech gären a sech géigesäiteg neutraliséieren. Firwat? Mä ganz einfach well de Student, deen an de Genoss kennt vun der sozialer Bourse, déi gréisste Chancen huet, net an de Genoss vun der Mobilitéitsbourse ze kommen, well grad déi, déi am mannste finanzkräfteg sinn, manner Méiglechkeeten hunn, fir an d'Ausland studéieren ze goen.

Vläch wann een eng méi déifgrënneg Analys kéint maache vun der Situatioun vun de Studenten, am plaz Sondagen ze maachen, déi een esou oder esou kann interpretéieren, déi Saachen aussoe selbstverständlech, kéint een e bësse méi dorobber agoen.

An dobäi muss een awer och betounen, datt vläch grad ee Student, dee manner huet, am wahrscheinlechsten dann och nach eng Schaff brauch, wa méiglech hei zu Lëtzebuerg. Da kann ee soen: „Ben voilà, duerch déi Schaff kann e sech finanzéieren“, just datt et awer erëm esou ass, datt déi, déi schaffe mussen, manner Chancen hunn op Réussite par rapport zu deenen, déi net brauchen ze schaffen. An do bäisst d'Kaz sech erëm eng Kéier an de Schwanz.

Wat mer awer och bedauern, dat ass, datt déi Mobilitéitsbourse beim Käschtpunkt vun de jeeweilege Stied am Ausland och net differenziert. Wann een zu Metz oder zu Tréier stu-

déiert, do sinn d'Käschten natierlech anerer wéi zu Paräis oder zu London. Dofir menge mir och, datt d'Bourse de mobilité éischter de Käschtpunkt vun der jeeweileger Studiestad misst a Betruecht zéien.

A wat geschitt dann iwwerhaupt mat engem Grenzgänger, deen zum Beispill zu Oth resi-déiert an a sengem eegene Land wëllt studéieren, zu Montpellier? Dee kënnt dann net an de Genoss vun dëser Bourse. Een, deen awer zu Oth haut leeft an d'Grenz iwwerschreit, fir um Belval ze studéieren, dee kritt eng, mä net een, deen zum Beispill vu Wäisswampech kënnt, deen awer vill méi e groussen Trajet muss maachen. D'Land ass zwar kleng, mä ëmmerhin hu mer och deemno wéi gréisser Trajeten. An dovunner ofgesinn hu mer jo och keng phenoménal - nach net, op jidde Fall - Transportmëttelen.

Dofir, an dat gétt och ëmmer vun de Studente kritiséiert: Et ass nach ëmmer net méiglech erauszefannen, ob d'Studenten, zemools déi aus manner guddem Haus, gutt ewechkomme par rapport zum viregte Regimm. Allem Uschäin no, menge mer, net. An dat mierkt ee jo och an der Fluktuation - budgetär gesinn - vun deem, wat ausgi gétt. Also elo kommen zéng Milliounen bäi, mä et muss een awer och soen, datt vill ewechgefall ass virdrun.

An nach eng lescht Saach, wat d'Autonomie vum Student ugeet: Wann ee vun Autonomie schwätzt, schwätzt een net nëmme vun Autonomie par rapport zu den Elteren, mä och vun Autonomie vum Student an dem spéidere Salarie par rapport zu de Banken. Et kann net sinn, datt e Prêt - och mat engem staatleche Subsid op den Zësen - als eppes Normales ugesi gétt, fir säi Studium ze finanzéieren.

An den USA gétt mat enger gewëssener Nervositéit zurzäit och op d'Platze vun enger weiderer Bulle gewart, an zwar där vun de Studentenpréten. Souguer de President Barack Obama huet, no eegener Ausso, säi Studentepret eréischt komplett integral zrëckbezuelt e puer Joer ier e Statschef vun der éischter Weltmuecht gouf.

Mä dat ass net nëmmen an den USA de Fall; dat ass och de Fall an Europa an och hei zu Lëtzebuerg, wou et normal ass, datt e Student seng beruflech Lafbunn deemno wéi och mat enger zollter Verschëldung ufängt. An Dir wësst jo och, wéi et hautzudaags mam Jugendchômage ausgesäit, mat der Jugendprekaritéit ausgesäit, mat der Finanzéierung vun enger Wunneng ausgesäit.

Ech mengen, d'Ofhängegkeet par rapport zu de Banken ass scho virprogramméiert ier een iwwerhaupt eng stabill Aarbecht fonnt huet. An do beweist och d'Regierung erëm eng Kéier hiren Archaismus, well - dat muss een all Kéiers erëm soen - mir sinn net méi an den 80er oder 90er Joren, wou d'Situatioun vläch och vu gewëssene Regierungsmemberen oder Koalitionsmemberen nach e bësse méi glänzend war.

D'Situatioun vun der Jugend ass hautzudaags anescht. Si ass vläch net esou katastrophal wéi an eisen Nopeschlänner, mä ça ne tardera pas à venir, wa mer esou weiterfueren. An d'Situatioun ass um Aarbechtsmarché wierklech ganz schwéier fir déi Leit, an ech mengen net, datt et eng gutt Iddi ass, fir hinne schonn iwwerhaupt e Prêt dropzebrummen.

Här President, duerch deen heite Projet de loi kënnt et zu liichte Verbesserungen. Dofir wäerte mir och net dergéintstëmmen. Mä de Prinzip bleift dee falschen. Ech kann drun erënnere, datt mäi Virgänger, de Justin Turpel, och immens vill Amendementen gemaach hat, déi grandement ignoréiert goufen. A mir wëllen awer de Prinzip net cautionnéieren, dofir kënne mer och dee Projet de loi net unhuelen. Deementsprechend wäerte mer eis enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet d'Regierung. Den Här Marc Hansen ass ënnerwee.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif als Éischt natierlech der Rapportrice an der Presidentin vun der Kommissioun Merci soe fir dee mëndlechen a schrëftlechen Rapport, dee mir et erlaabt, net méi op all Detail brauchen anze-goen.

Ech géif awer och e bëssen aushuelen, fir awer nach eng Kéier op déi Verbesserungen anze-go, déi op där heiter Plaz mat deenen heite Modifikatiounen wäerte bei de Studenteboursen kommen.



Ee vun deene wichtege Punkten ass natierlech deen d'Montanten ugeet vun deene verschiddene Boursen. An ech wëll dofir och soen, wéi et zu deene Modifikatiounen kumt. Mir haten, an dat war scho virun zwee Joer, Madamm Hansen, wou mer dat heite Gesetz hei diskutéiert hunn, och ofgemaach - an d'Madamm Boffering huet dat och hei ernimmt -, mir géife mat de Studenten eng Kéier kucken, fir erauszefannen, wat hir reell Ausgabe wären a wat hir Besoine wären.

Mir hunn dat dann och gemaach. Dir hutt gesot, et wär just mat enger Associatioun geschwat ginn. Déi Etüd, déi mer do gemaach hu mat der ILReS, do hu mer souwuel mat der UNEL wéi mat der ACEL wéi mat der Confédération vun deene Jonken dee Questionnaire ausgeschafft. A mir hu ganz genee - an et ass en Dokument, wat ech lech och an der Chamberskommission ginn hat - gekuckt, wat dorëmmer d'Ausgabe wären, opgedeelt no deene verschiddene Punkte vu Logement bis Transport, an och opgedeelt op déi verschidde Länner an dernieft awer och op déi verschidde Universitätsstied.

Mir hunn dernieft eng zweet Etüd gemaach, fir och dat ze analyséieren, wat den Här Wagner elo grad thematiséiert huet. Wéi ass et an deene Jore virdrun och ëmmer gewiescht mat der Verschëldung, well dat eis och wichteg ass, a wéi kënne mer dat an de Grëff kréien?

Déi Etüd hu mer mat alleguerten de Studenten, déi do implizéiert waren an där Diskussioun, gemaach. Si hunn de Questionnaire ausgeschafft. Mir hunn déi Etüd du bei der ILReS duerchféiere gelooss ënnert deene Leit, déi bei eis och als Studenten agedroe sinn.

Dat war deen éischte Schratt, dee mer ofgemaach hate mat deene Jonken.

Doropshi gouf et Avisé vun deene verschiddene Studentenassociatiounen: Mir hunn déi Avisé ganz seriö gekuckt, mir hunn d'Etüd analyséiert a mir si mat deenen och an d'Diskussiounen gaangen, nodeem se hir Fuerderungen och eragereecht haten, fir ze kucken, wat dann nach méiglech wär, well mer gesinn hunn - an do hutt Der recht -, dass et par rapport zu der initialer Fiche financière an deem heite Gesetz och nach Méiglechkeete géife ginn no der Exekutioun vun dem Gesetz.

An deenen Diskussiounen hu mer dunn zum Schluss mat der ACEL, wat awer eng ganz grouss Associatioun ass, d'Diskussioun weidergedriwwen. A mir kouden do zu engem Accord, wat dann och Montantsadaptatiounen géif ugoen. Déi Montanten, déi hu mer adaptéiert, déi wäerte mer haut och stëmmen an déi sinn awer substanzuell. Si gi genee op dat an, wat d'ACEL och gesot huet, déi awer e gudden Abléck hunn, och well se verschidde Cercle an de Stied hunn.

Mir sinn higaaangen a mir hunn d'Bourse de base do gelooss, wou se ass, bei 2.000 Euro. D'Bourse de mobilité hiewe mer ëm 22,5% vun 2.000 op 2.450 Euro. An dann hu mer awer och genee dat gemaach, wat d'ACEL eis gesot huet, fir grad an deene Kategorien, wou d'Revenue vun den Eltere méi déif wäeren, massiv eppes dropzeleeën, a mir hunn do Héijunge gemaach vu bis zu 26,7%. D'Bourse familiale bleift do, wou se ass, bei 500 Euro. D'Frais d'inscription bleiwen och do, wou se sinn, bei 1.850 Euro, well dat och festgestallt ginn ass, dass dat kee richteg Besoin wär, dass dat iwwerall géif duergoen.

Ech wëlt op där heiter Plaz dann och agoen op deen zweete Punkt, deen Der gesot hutt, mat wat fir enge Gewerkschaften mer geschwat hunn. Mir hu mat dem OGB-L laang geschwat, well dee sech bei eis och manifestéiert hat, well dat och an Akteur war, deen zanter Laangem do thematiséiert ass. Den LCGB hunn ech op Initiativ gesinn. Si haten eis eng Entrevue gefrot; viru Kuerzem hate mer déi och. An da läit awer och en Avis do vun der CSL, vun der Chambre des Salariés, wou ech awer mengen, dass se alleguerten dra representéiert sinn, soudass dat, wat déi mengen, mengen ech och do agefloss ass. Dat...

(Interruption)

Ben, ech mengen, d'CSL: Dat ass lech jo awer e Begrëff, dass do d'Gewerkschaften alleguerte vertruede sinn, an déi hunn en Avis gemaach, dee souguer ganz positiv ass dobäi.

(Interruption par Mme Martine Hansen)

Jo, mä mir sinn eis eens gi mat der ACEL, déi a mengen Aen eng ganz grouss Representativitéit huet, an do hu mer och... Do war, mengen ech, d'Fro vun lech a vum Här Wagner - ech liesen lech awer nach eng Kéier den Accord mat der ACEL vir -, ob dat doten dann elo

duergeet oder wéi mir iwwerhaupt drop kommen, fir déi dote Montanten dranzesetzen an deen Accord, dee mir hunn.

An dat hunn ech an der Chamberskommission och gesot gehat. Do steet dran an deem Accord tëschent der ACEL an eis: «Les modifications proposées» - an d'ACEL ënnerscheift dat - «répondent et satisfont aux besoins des étudiants.» Méi kloer kann et jo awer net do-stoen. A wann d'Étudiante eis dat soen, mengen ech, ass dat jo awer relativ kloer.

Den Avis vun de verschiddene Chamberen hutt Der ugeschwat.

Ech wëll awer och nach eppes soen, wou iwwer ech awer wierklech op dëser Plaz erstaunt sinn, well et eppes ass, wat souwuel den OGB-L wéi den LCGB eis gesot hunn: Wann Dir heihinnerkommt an Dir sot, dass d'Kannergeld deemools méi héich gewiescht wär an dass et elo net méi op deem Niveau ass oder elo méi héich ass (veuillez lire: elo méi niddreg ass), mä wat soen d'Gewerkschaften eis? Wien huet dann d'Kannergeld fir d'Studenten ofgeschafft? Dat ware mir net!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mir hu gefuerdert, datt d'Bourse de base misst d'selwecht si wéi d'Kannergeld!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Den OGB-L an den LCGB hunn an hiren Entrevue gesot, dass se schrecklech enttäuscht waren, dass d'Kannergeld deemools fir d'Studenten ofgeschafft ginn ass. Dat war dee gréisste Kritikpunkt an déi si relativ rosen doriwwer gewiescht. An dat hu mir awer definitiv net gemaach, Madamm Hansen!

► **Mme Octavie Modert** (CSV).- Jo, firwat hutt Der dann dës Woch d'Kannergeld nach eng Kéier erofgesat?

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Wann een d'Wuert wëllt, freet ee sech et an da kritt een et och. Madamm Hansen?

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Zweete Punkt, deen ech awer an deem Kontext och wëll ernimmen.

(Brouhaha)

D'Gesetz 2013, dat hutt Dir - an Dir selwer - an enger onheemlecher Hetz hei stëmmen gelooss. Ech liesen näamlech och d'Rapporten an d'Compte-renduen. An do sidd Dir higaaangen an Dir hutt selwer hei op der Tribün gesot, wéi Der gefrot gi sidd vun deene verschiddenen Deputéierten, ob Der da genuch consultéiert hätt dorëmmer, souwuel d'Gewerkschaften wéi d'Studentenorganisatiounen... Dir hutt esougutt wéi net consultéiert! Dir hutt keen...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat stëmmt net!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Ee Moment, ech sinn nach net fäerdig! Duerno loos-sen ech lech och schwätzen.

An Dir hutt schonn iwwerhaupt keen Accord gehat, weder mat deenen engen nach mat deenen aneren. An dat kënnt Der mer net falschmaachen.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Mir hunn en Accord mat der Studentenorganisatioun a mat enger Gewerkschaft hei an den Avis vun der CSL. Wa mer iwwer Gewerkschaften schwätzen, dann ass et och relativ kloer. Elo lauschten ech lech no.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Hansen, Dir adresséiert lech direkt un d'Madamm Hansen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Jo.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Ech entschëllege mech dofir.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann huet d'Madamm Hansen selbstverständlech d'Wuert.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Also et stëmmt sécherlech net, datt mir mat kenger Gewerkschaft a kenger Studentevertriedung geschwat hunn, well ech hunn...

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Dir hat keen Accord!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Da loosst mech emol schwätzen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Loosst jiddwereen ausschwätzen!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Ech hu mat en alleguer geschwat. An ech kann lech soen: Den 23. oder de 24. Juni bis de souvillte Juli ass et relativ schwierig, een Accord ze kréien. An dofir...

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Aha!

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Mä da lauschtert emol virun!

Mir hunn et just konform gemaach. Fir net misse Strofen ze bezuelen, hu mer u sech den Anticumul agefouert a mir hunn d'Frontaliers-kanner u sech als Bénéficiaire gemaach. An ech mengen, do wier een Accord ze fanne gewiescht. A méi hu mer net gemaach, well mer haten d'Mobilitéétsbourse schonn ugeduecht a mir haten d'Basisbourse schonn ugeduecht. An dat hu mer net duerchgezunn, well mer do keen Accord haten.

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Dat stëmmt!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Well Der keen Accord hat! An dat ass ebe grad de Punkt: Mir hunn en Accord. Haut sti mir hei mat engem Accord mat der Studentenorganisatioun an op där anerer Säit deenen Akteuren.

► **Une voix**.- Et ass besser ouni Accord.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Et ass besser ouni Accord.

(Hilarité)

Ech fueren awer virun an där ganzer Diskussioun. Well Dir hutt jo mat villen Zuelen hei hantéiert. Ech hunn och eng Kéier Är Proposen an Är Amendementer rechne gelooss, déi Der virun zwee Joer gemaach hutt an der Chamberskommission.

(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)

A wann ech do, och mat Ärer Bourse de base, déi Dir deemools op 2.750 hat, wann ech dat mat de Boursen zusemmerechnen, kommen ech op 9.350 Euro.

Dat, wat mir haut hei stëmmen, sinn 11.100 Euro. Ech mengen, dat ass méi wéi Är Propos, och wann et iwwer aner Weeër erreecht gëtt. Just fir iwwert d'Zuele vun Äre Propositionen ze schwätzen.

(Interruption par Mme Martine Hansen)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann den Här Minister erlaabt, soss kritt Der herno d'Wuert nom Här Minister.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Kee Problem.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Den Här Minister hat mech erëm direkt ugeschwat. Ech hu gesot hei, wann Der richtig nogelauschert hutt, ech hunn lech gesot, datt dat hei elo géif 129,64 Milliounen kaschten. Ech kann lech och d'Zuele weisen, wéi ech dat gerechent hunn. An ech hu gesot, ech géif dat elo net direkt bewäerten. Ech hu just festgestallt, datt déi 116 Milliounen, déi drastinn, esou net géife stëmmen.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- An ech huelen déi heiten Zuelen an ech maachen do meng Rechnungen. An ech soen: Mat der Proposition vun 2014 vun den Amendementer vun der CSV, déi deemools agerecht gi sinn, komme mer op en Total vun de Boursen vun 9.350 Euro, a wat mer haut hei stëmmen am Fall vun deem, deen d'Bourse sociale kritt, dee Montant läit bei 11.100 Euro. Dat heescht, mat där heiter...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Dat stëmmt net!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Dat heescht, mat där heiter Propos, wou et en Accord gëtt,...

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- D'Leeschtingsbourse, hutt Der déi gekuckt? Neen.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- ...leie mer wesentlech méi héich.

► **Une voix**.- Très bien! Super!

► **Une autre voix**.- All Respekt!

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Ech fuere viru mat deem, wat hei diskutéiert ginn ass vun deene verschiddenen Orateuren.

Mir maachen och e ganze Koup vun Erliichterungen, wat den administrative Volet ugeet, fir d'Studenten. Mir hunn am leschte Joer och schonn d'Méiglechkeet geschafen, fir et online ze maachen; dat ass eppes, wat och relativ gutt ukënn. A mir hunn hei och nach administrativ Erliichterunge gemaach, soudass ee säi ganzen

Dossier just eemol muss erareeche bannent engem Zyklus, wat natierlech och d'Saach e gutt Stéck méi einfach mécht.

Beim Volet, wat déi handicapéiert Studenten ugeet, mengen ech gëtt et e Konsens heiban-nen. An dat ass eng Saach, déi eis och relativ wichteg war, déi mer och mat deenen Organisationsiounen, déi sech ëm déi Iwwerleeunge bekëmmen, natierlech zesummen diskutéiert hunn.

Zur Mobilitéétsbourse wëll ech och e Wuert soen, well gesot ginn ass, dass ee vun Oth oder vu Metz, wann deen op Montpellier fiert, dass deen déi Bourse net kritt. Ah ben, ech kucken awer och emol eng Kéier op d'Résidenten: Deen, dee vun Elwen op de Belval fiert, dee kritt se och net! An dat muss een och, mengen ech, eng Kéier op där doter Plaz kloer soen.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Dat hunn ech jo och gesot. Dat ass jo de Problem.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- An do gëtt et awer och Méiglechkeeten, an dat kann ech an der Qualitéit als Logementsminister soen: Mir sinn amgaangen, do Studentewun-nengen ze schafen - dat ass eppes, wat och relativ wichteg ass - fir alleguerten déi Leit. An déi ginn och mat den öffentleche Gelder richtegerweis subventionéiert.

Dee ganze Problem, deen Der jo och hei eraus mierkt - an d'Madamm Boffering an den Här Adam hunn dat hei och thematiséiert -, dat ass, wou een dee korrekten Usprichpartner fënnt, mat deem een dat heite kann diskutéieren. Mir hunn déi national representativ Organisatioun op där anerer Säit vum Dësch am Moment nach net sëtzen.

Mir hunn awer och mat allen Organisatiounen dat dote schonn ugeschwat. Mir si mat deenen am Prozess, fir dat ze schafen, fir dat hin-zekréien. Et goufen Iwwerleeungen, déi d'Studenten eis gemaach hunn, wéi si sech dat virstellen. Et goufen och Vergläichspabeieren, eng Nott, déi mer lech als Deputéiert aus der Chamberskommission zoukomme gelooss hunn, wéi dat am Ausland gelagert ass. A mir sinn amgaangen, mat deene respektive Studenten dat doten ze thematiséieren, fir ze kucken, wéi mer do op en Enn kommen, dass mer eben och déi Saach eng Kéier kënne finaliséieren.

Ech wëll am Fong schléissen - well ech kënnt natierlech och nach laang drop zrëckkommen, wéi de Prozess gelaf ass a mat wem mer alles an dësem Kontext geschwat hunn - a soen, dass mer hei Accorden hunn, déi nohalte sinn, déi indexéiert sinn. Dee System ass esou, dass, wann Tranché fälleg sinn, eng éischt wäert kënne fir d'Année académique 2018-2019 fälleg sinn.

Wat, mengen ech, och wichteg ass, ass, dass mer deen Dossier an deem Kontext geséichert hunn, fir dass d'Studenten alleguerten, d'Résidenten an d'Non-Résidenten, déi ënnert déi heite Bestëmmunge falen, kënne studéiere goen, dass mer déi eenzeg Ressource, déi dëst Land nach huet, d'Matière grise, och kënne fërdere, an dass mer d'Zukunft vun dësem Land iwwert deen heite Wee, och mat deenen heite Modifikatiounen, mam Accord vun de Studenten an de Gewerkschaften haut kënne stëmmen, wat déi Saach vill méi einfach mécht an deenen alleguerten an Zukunft hëllef.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen ukomm a mer kéinten zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6975...

► **Plusieurs voix**.- Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen?

► **Une voix**.- Neen ass „non“.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah! Ech hat geduecht, mir sollten net ofstëmmen.

(Hilarité)

Also kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6975 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6975 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung - et kënnt kee méi bäi - ass elo ofgeschloss. Mir hu 57 Participatiounen um Vott: 34-mol Jo, 21-mol Neen an 2 Abstentiounen.

(Interruptions)

D'ADR huet et matgestëmmt. Et ass fir de juste Équilibre. Voilà, domat ass de Projet adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6975 est adopté par 34 voix pour, 23 voix contre et 2 abstentions.



Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Georges Engel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Yves Cruchten), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme

Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine

Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Marcel Oberweis (par M. Marco Schank), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Laurent Zeimet (par M. Marc Lies).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment et négation)

Also ech géif mengen, dass mer eng Majoritéit hätten, à moins dass Der insistéiert, fir nach eng Kéier ofzestëmmen?


(Négation)

Neen. Okay, dann ass d'Dispens ginn.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Eis nächst Sëtzunge sinn de 5., 6. a 7. Juli. Merci. E schéinen Owend nach, an haalt zu deene Richtegen!

(Hilarité)

(Fin de la séance publique à 19.48 heures)



SÉANCE 41

MARDI,
5 JUILLET 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

4. Heure de questions au Gouvernement

Question n°205 du 1^{er} juillet 2016 de M. André Bauler relative aux élèves intellectuellement précoces, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- M. André Bauler - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°206 du 5 juillet 2016 de M. Laurent Zeimet relative à la politique de communication du Gouvernement sur la nouvelle loi sur les prestations familiales, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Laurent Zeimet - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de Mme Nancy Arendt et M. Claude Wiseler)

Question n°207 du 5 juillet 2016 de M. Roger Negri relative à la circulation d'un train «Pendolino» entre Bruxelles-Luxembourg-Bâle et l'évolution des lignes ferroviaires Luxembourg-Bruxelles et Luxembourg-Liège, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

et

Question écrite n°2125 du 6 juin 2016 de M. Gusty Graas relative au train du type «Pendolino», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- M. Roger Negri, M. Gusty Graas - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°208 du 5 juillet 2016 de M. Marc Baum relative à d'éventuelles négociations bilatérales entre le Luxembourg et le Royaume-Uni, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Marc Baum - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Question n°209 du 5 juillet 2016 de M. Claude Adam relative au financement de la politique culturelle suite aux Assises culturelles, adressée à M. le Ministre de la Culture

- M. Claude Adam - M. Xavier Bettel, Ministre de la Culture

Question n°210 du 5 juillet 2016 de M. Aly Kaes relative à l'intervention de certains agents de l'Administration des douanes et accises dans le cadre du plan «VIGILNAT» et des incidents avec des armes à feu survenus lors de ces interventions, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Aly Kaes - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Nancy Arendt), M. Laurent Zeimet (fait personnel), M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État

Question n°211 du 4 juillet 2016 de M. Lex Delles relative à l'inscription des diplômes au registre d'enseignement supérieur, adressée à M. le Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

- M. Lex Delles - M. Marc Hansen, Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

Question n°212 du 5 juillet 2016 de Mme Martine Hansen relative au développement futur du Lycée technique hôtelier Alexis Heck à Diekirch, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Mme Martine Hansen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°213 du 5 juillet 2016 de M. Gusty Graas relative à la peronospora de la vigne, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

- M. Gusty Graas - M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Question n°214 du 5 juillet 2016 de M. Léon Gloden relative à la circulaire ministérielle 3196 ayant trait aux calculs de l'amortissement des infrastructures et des équipements d'assainissement des syndicats de communes ayant pour objet l'assainissement d'eaux, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur

- M. Léon Gloden - M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur

5. Question élargie n°18 de M. Marcel Oberweis relative au «fairtrade»

- M. Marcel Oberweis - M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire

6. Interpellation de Mme Françoise Hetto-Gaasch sur les troubles de l'apprentissage

- Exposé: Mme Françoise Hetto-Gaasch

- Débat: M. Lex Delles, M. Georges Engel, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (questions de Mme Françoise Hetto-Gaasch)

7. 6985 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum (dépôt d'une motion)

- Discussion générale: Mme Martine Hansen, Mme Tess Burton, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Motion 1: Mme Martine Hansen, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner, M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Dan Kersch et Claude Meisch, Ministres; M. Marc Hansen, Ministre délégué.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- E schéine gudder Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op.

An de Premierminister géif mer net verzeien, wann ech em net déi kllassesch Fro géif stellen: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.- Dir kritt och déi kllassesch Äntwert, Här President.

(Hilarité)

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci, Merci! Da gi mer zu eise Kommunikatiounen iwwer. Déi kléngen och familiär.

2. Communications

D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sëtzung deponéiert goufen, ass un d'Fraktiounen an d'Sensibilitéit verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 5 juillet 2016

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

686 - Demande de pétition publique: Gratis Parkplätze für alle Schüler

Dépôt: MM. Chris Pletschet, Fränky Schiltz, le 28.06.2016

687 - Demande de pétition publique: Mehr Geld für die Milchbauern

Dépôt: M. Yves Lallemand, le 28.06.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'administration parlementaire.)

3. Ordre du jour

Zum Ordre du jour, wéi e vun der Presidente-

konferenz proposéiert ginn ass, wollt ech d'Chamber froen, ob se mat deem Ordre du jour d'accord ass, dee verdeelt ginn ass.

► Une voix.- Jo, Här President.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.